# ASSEMBLEE GENERALE

28 NOVEMBRE 2019

DÄICHHAL ETTELBRUCK




Special Olympics Luxembourg

# Ordre du jour:

1. Allocution de Madame la Présidente
2. Adoption du rapport de l'Assemblée Générale 2018
3. Rapport d'un Représentant des Athlètes au sein du Comité
4. Rapport du Directeur National
5. Rapport d'Activités
6. Rapport de la Commission des Finances et décharge par les Réviseurs de Caisse
7. Décharge du Comité
8. Fixation des cotisations
9. Programme 2019-2020
10. Prévisions budgétaires et stratégiques pour 2019-2020
11. Remise du Prix de l'Inclusion
12. Discussion libre
13. Projection Vidéo SOWSG Abu Dhabi

# Allocution de la Présidente Pascale Schmoetten



40 Joer Special Olympics – 1979 – 2019, dat wor de Leitfaden vun dësem Joer.

Eng ganz Rei flott Saache stunge um Programm vun dësem Joer, ma leider war et och en trauregt Joer.

Am Juli huet eis d'Kelly Toex, eng vielsäiteg engagéiert Sportlerin, am jonken Alter vu 25 Joer, verloss.

Am Oktober dunn ass och d'Bea Muller fir ëmmer vun eis gaangen.

Ech bieden iech fir eng Gedenkminutt opzestoen.

Nieft de reng sportlechen Challengen hate mir dest Joer, anlässlech dem ronne Gebuertsdag, eng Rei aner Manifestatiounen an Organisatiounen um Programm.

Um Enn sollt fir jiddereen eppes dobäi sinn. Fir eis Sportler, eis Trainer, eis Bénévolen, fir all eis Memberen.

Kuerz no eiser leschter Generalversammlung krute mir eng flott Belounung andeems mir beim Sportlergala de Prix „Sport et handicap" iwwerrecht kruten. Dat wor am Dezember 2018.

A wou ech grad bei den Eierunge sinn, am Fréijoer gouf et op en Neits eng Eierung fir e Bénévole vu Special Olympics, an zwar gouf d'Romy Bertemes op déi 3. Plaz gewielt.

Fréi am Joer stung de sportlechen Héichpunkt, d'Weltsummerspiller zu Abu Dhabi an zu Dubai un. Dës Spiller hu stattfonnt a Präsenz vun eisem Sportminister Dan Kersch.

Vill gutt Leeschtungen hunn eis Athleten zustane kritt. Belount goufe si um Enn mat 4 Gold-, 4 Sëlwer- a 7 Bronzemedaillen.

# Allocution de la Présidente Pascale Schmoetten



Mat enger klenger Receptioun no hirer laanger Rees gouf eis Equipe zu Ettelbréck empfaang. 2 weider Receptioune goufe fir eis Equipe organiséiert, an dat an der Belle Etoile an am Sportministère.

Am Virfeld vun dëse Spiller hate mir dann och e Galadinner am Casino zu Munneref organiséiert.

2 Schnupperdeeg (1x Powerlifting an 1x Kayak) hate mir organiséiert, och 2 weider Konventioune mat Federatiounen (1x FLTT an 1x FLA) goufen ënnerschriwwen.

Zum 40. Gebuertsdag hu mir dann och d'Europäesch Sportskonferenz zu Minsbech organiséiert. Et war een Erfolleg op der ganzer Linn. Bei der Ouverture vun der Konferenz ware mir da ganz frou, dass eise Schirmherr, den Iefgroussherzog Guillaume  präsent war, genee wéi den aktuelle Minister a fréiere Sportminister Romain Schneider, deen an der Plaz vum verhënnerte Sportminister Dan Kersch do war.

Weider hu mir eng Journée des membres an der Seeërei zu Dikrech organiséiert. Am Raum steet nach eng Journée des bénévoles an zu gudder Lescht hu mir dann och eng „special edition – 40 Joer Special Olympics Lëtzebuerg" Kollektioun an den Emlaf bruecht.

Villes méi a méi Detailler kritt dir lo an den diverse Rapporten matgedeelt.

# Adoption du rapport de l'AG 2018

fait par acclamation

Special Olympics
Luxembourg

# Le Mot des athlètes
# Aly Hoffmann




Madame Presidentin,  Léif Inviteeën, Léif Kollegen a Kolleginnen, Léif Sportler a Sportlerinnen

Och dest Joer war bei Special Olympics Lëtzebuerg nees ganz vill lass.

An eis Sportler hunn iwwerall mat vill Freed an Asaz matgemaach.

An deem grousse Programm hu mir e puer Aktivitäten speziell gutt gefall. De Schnupperdag am Powerlifting war een dovunner. Ech well och an dëser Sportaart regelmäisseg können trainéieren an hu mech schons déi lescht Wochen a Méint dorobber an engem Fitness-Center virbereed. Dofir war ech och net méi esou vill präsent am Comité a wäert och no villen Joeren am Comité als Spriecher vun den Athleten ophalen an anere Sportler elo do Plaz maachen.

Zu mengen Lieblingsmanifestatiounen gehéieren d'Liichtathletiksfest an der Coque, eis Marche zu Gaasperech an och eis Wantersportkolonie. Vill Freed hu mir an all den Athleten déi derbäi waren d'Gebuurstdags-Fest fir all Memberen zu Dikkrech gemaach, awer och eis Partizipatioun un den Sommerspiele zu Mühlheim/Kärlich bei Koblenz, wou mir u vill flotten an neien Aktivitéiten konnten deelhuelen.

Ech well awer och den Athleten déi op de Weltspiller zu Abu Dhabi derbäi waren villmols fir hir gutt Leeschtungen an hir Medaillen gratuléieren.

Allen Athleten soen ech e grousse Merci fir hiren Asaz an hir Ausdauer, mee e spezielle Merci och un eis vill Traineren, déi gratis all Woch mat eis am Asaz sinn.

Nach eng Kéier Merci un Iech alleguer !

# Rapport du Directeur National



Marc Feltgen

Special Olympics Luxembourg

# Rapport du Directeur National Marc Feltgen



Et war dest Joer den 40. Geburtsdag vun ALPAPS-Special Olympics Letzebuerg, a wéi Pascale dat jo schon gesoot huet hu mir dat gebührend gefeiert.

Den Héichpunkt waren dann d'Weltspiller 2019 zu Abu Dhabi. Et war e grousst a flott Evenement an ech kann nemmen eise Sportler an Traineren gratuleieren fir die ganz gutt Leeschtungen die Sie do vollbruecht hunn. Mir waren och stolz Präsenz vum Sportsminister do ze hunn deen eis Sportler encourageiert huet a gesinn huet wie esou Weltklass Evenementer bei eis organiseiert ginn. Merci do och un all die Leit die eis hei zu Letzebuerg mea wer och zu Abu Dhabi ennerstëtzt hunn dass den Déplacement erfollegreich war. No der AG könnt dir e klengen Aperçu vun eiser Rees an engem Video kréien.

Zu Letzebuerg  hu mir, wie schons gesoot, dann vill organiséiert fir eis Memberen, duerfir hu mir dest Joer eis Auslandsdépacementer reduzéiert. Mee an 2020 könnt secher méi derbai, mir bereden eis schon op Weltwantespiller fir 2021 fir.

Mir haaten awer och, am Kader vum 40e Anniversaire eng europäesch Sportskonferenz hei zu Letzebuerg, wou mei wéi 100 Leit drun deel geholl hunn. Et war eng flott Konferenz mat enger Rei vun flotten Themen an gudden Diskussiounen. Eis Unified Traineren haten och an desem Kader eng Réunioun mat de Responsabelen vun SOEE. Merci u jiddereen deen eis do gehollef an ennerstetzt huet. Op deser Konferenz ass de Pierrot och als Member vum EESC gewielt ginn.

Ech war dann och als Member vum EELC op verschidden Versammlungen am Ausland.

# Rapport du Directeur National
# Marc Feltgen



Am strategeschen Plang, deen nach bis 2021 leeft, hu mir ennert Annerem folgend Saachen an desem Joer emgesaat.

- Eng Sportsréunioun iwert Unified am Kader vun der Konferenz ofgehaalen, dat näechst Joer steet dann ërem eng Formatioun fir Traineren an Dirigeanten um Plang
- E Schnupperdag am Powerlifting an Kayak gemach mir mussen nach kucken weini mir mat engem regelmässegen Training ufänken. Een nächsten Schnupperdag ass schon programmeiert an zwar am Velo.
- Leider ass den neien Training am  LTPES ass aus verschiddene Grënn naischt ginn
- Och den Sportsdag fir die mei jonk Sportler (zesummen mat Degroof/Petercam an EPSA), ass an 2019 wéinst dem Datum näischt ginn, mee fir 2020 können mir schon soen dass den Dag den 1. Abrell an der Coque stattfënnt.
- Nei Partenairen am Sport mat der FLTT an der FLA wou eng Konventioun ennerschriwen ginn ass, d'FLNS könnt no.
- Nei Partenairen an de Finanzen

Ech  soen iech Merci fir äert Noolauschteren.

# Rapport d’activités 2019



Pierrot Feltgen

*Directeur sportif*

*Secrétaire général ff.*

Special Olympics Luxembourg

# Rapport d'activités

Ech hunn jo schons vill Präsentatiounen gemaach, hat awer net geduecht dass meng lëscht Präsentatioun esou strësseg giff ginn. Gëschter wéi ech de Schlëssel vun Sall wollt ofhuelen, woosst hei keen eppes vun eisem Owend. Wéinstens mech hunn se kannt a dou konnt och alles geregelt ginn. Hënnt, wéi ech um Power Point geschafft hunn, ass mäi Computer ofgestiirst an wollt och net méi starten. Och de Moien hunn ech em vill missten fléiwen iescht ech en nees un d'goen kruet. An zu gudder Lëscht hate mir och nach munch Probleemer fir de Beamer ugeschlooss ze kréien. Et kann also elo bal näischt méi schiiff goen.

Am lëschte Comité kruet ech och gesot ech soll mech kuerz faassen. Ech probéieren mech also un dës Virlag ze halen.

Déi lëscht Joer war meng Präsentatioun chronologesch opgebaut, dës Kéier well ech mech op verschidden Haaptpunkten beschränken.

# Highlights

- Trophée Sport + Handicap

Zu den Highlights vum Joer zielt ouni Zweifel den Trophée Sport et Handicap dee mir vun der Sportspress.lu iwwerreecht krueten. Dir gesidd en hei virun iech. Et ass deen selwechtegen Trophée, deen och de Sportler vun Joer oder d'Equipe vum Joer kruet huet. Och dat ass een Zëchen vun Inklusioun. Mir hunn dës Auszeechnung fir eis inklusiv Aarbecht kruet. Ee flotte Moment zu Munneref an eng flott Unerkennung fir eis Aarbecht



# Highlights

## ❑ World Summer Games 2019 Abu Dhabi




Deen nächsten Highlight ass ouni Zweifel Abu Dhabi. Fir dee di mat waren, an et waren och vill Familljemememberen do fir eis ze ënnerstëtzen, mat Sëcherheet onvergiesslecher Momenter. Dat waren net nemmen Medaillen, di gewonn si ginn, mee och dat ganzt Emfeld, nei Frëndschaften déi entstane sinn. Flott war de Support dee mir krueten, vum Sportsminister, deen nach net laang a Fonktioun war, mee dee mir net laang hu missten iwwerrieden fir an d'Emiraten ze kommen an eis Sportler ze ënenrstëtzen. Dofir ee grousse Merci, awer och un d'Prinzessin Tessy fir hiren Support an och un d'Amdassade zu Abu Dhabi.

Am Virfeld haten mir net nëmmen Traininger gemaach, mee och eng flott Soirée zu Munneref wou d'Equipe präsentéiert gouf. Dat war eng gutt Astëmmung op dat wat sollt kommen. D'Préparatioun un sech ass ganz wait gaangen, bis zu Séancen mat Mental Trainer fir Sportler a Trainer.
Dat Ganzt ass ofgeronnt ginn mat Rezeptiounen, zu Abu Dhabi schons op der Ambassade, duerno an der Belle Etoile, wou d'ganz Direktioun vum Cactus eis d'Eier erwisen hut, a bäim Minister um INS mat engem Barbecue Owend.

# Highlights

## ❑ 40 anniversaire SOL

Deen aneren Highlight ass eigentlech iwwert dat ganzt Joer gaangen. Eis 40 Joer-Feier. Dat huet schons op der lëschter Generalversammlung ugefaangen mam Verkaf vun eisem Kalenner. Mir hun een neie Logo entworf. Ee grousst Fest zu Dikkrech fir all eis Memberen mat engem traditionnelle Gebuurstdagskuch. Do hu mir och eis nei Kollektioun vu Sportskleeder virgestallt, déi ee grouse Succès font huet. Et hunn awer eng Rei Leit et verpasst hir Commande ze maachen. Mir hunn dofir nach viru kuerzem ee mail gemaach, dass mir nach eng zweet Commande viru Chrëschtdag wäerte maachen. Mir hunn als Kado eisen Trainer ee Polo offréiert an eise Sportler een T-Shirt.

# Highlights

Special Olympics Luxembourg
40 YEARS 1979 - 2019

- ❑ 40 anniversaire SOL










# Highlights

## ❑ Conférence européenne du sport




Dee nächsten Highlight war am Hierscht mat der Sportskonferenz. Am Virfeld war et eng grouss logistescht Aarbecht an de Marc hat e puer Nuechten net geschloff fir dat iwwert d'Bühn ze kréien. Déi Méi huet sech awer gelount, well niewent flotten Workshopen an Diskussiounen gouff et nemmen fir d'Organsiatioun, dëst vun alle Säiten, vun de Partizipanten grad esou wéi vun den Responsablen vun SOEE.  Déi eenzeg Kritk war déi dass d'Iessen ze gutt war an dass si duerno am Clinch mat hirer Wo waren. Mee domadder kënne mir liewen.

# Nouveautés

## ❑ 2. Schnupperdag Powerlifting



Déi nei Saachen si schons deelsweis ugeschwat ginn. Den 2. Schnupperdag am Powerlifting. Mir sinn elo ganz no drunn ee reguläre Training un d'Lafen ze kréien. D'Frënn vum Powerlifting si ganz engagéiert a Ugangs des joers wäerte mir dat un d'Rulle kréien.

## ❑ Schnupperdag Kayak



De Schnupperdag am Kayak zu Dikkrech op der Sauer ee ganz flotte Nometteg. Absolut à refaire. De Accueil war risseg a mir waren mengen ech nach ni, zuelemässeg esou gutt encadréiert. Zum Schluss konnte souguer déi di et wollten duerch den Wëldwaasserkanal eroffueren.

# Nouveautés

- Sommerspiele Mühlheim/Kärlich



An dann waren mir Enn August op Mühlheim/Kärlich bei Koblenz op Sommerspiele wou mir vill Sportaarten konnten ausprobéieren, wéi den Aly schons gesot ouni den üblichen Kompetitiounsstress.
Ganz witzeg Saachen, wéi Rollator-Coursen.
E flotten labberen kader, et kann een sech d'Fro stellen ob een net och esou eppes eng Kéier hei kann organiséieren.

# Les incontournables

- Basketball Day
- Colonie de sport d'hiver
- NG Tennis de table
- NG Aquatics
- NG Athletics
- NG Bocce
- EKS Marche Populaire
- CMCM Meeting
- Relais pour la Vie
- ING Night Marathon
- Wanterchampionnat FLNS




Dëst sinn d'Organisatiounen déi einfach derzou gehéieren. De groussen Basketsrendez-vous, awer och d'Kolonie déi ëmmer innerhalb vun e puer Stionnen ausverkaf ass. Awer och déi verschidden National  Games.
Traditioun ass eis Marche zu Gaasperech wou dest Joer ronn 400 Partizipanten, een Zouwues an deenen 2 lëschte joer vun 25 Prozet. Do ass schons eng nei Editioun a Planung.
Um CMCM hunn eis Athleten an engem Kader vun engem groussen Liichtathletiksmeeting un enger 800 Meter Course deelhuelen
De Relais pour la Vie, zesummen an den Equipen vun Deloitte, ass grad esou ee feste Rendez-vous wéi den ING Marathon wou mir esou wuel op der Stréck als Leefer och mat Unified Staffelen wéi och um Ravi no der Arrivée am Saaz sinn. Flott ass och dass mir all Joer nees eng Invitatioun vun der Schwammfédératioun kréien fir op hirem Wanterchampionnat matzemaachen.

# Entraînements hebdomadaires

## Les Musts – d’Käerstéck vun eisen Aktivitéiten

Special Olympics
Luxembourg

# Entraînements

- **Lundi** (Natation, Basketball)
- **Mardi** (Athlétisme, Natation, Entraînement général)
- **Mercredi** (Football/EPSAE)
- **Jeudi** (Football, Bocce, Tennis de table)
- **Vendredi** (Entraînement général)
- **Samedi** (Laftreff, Tennis, Stockschiessen)

# Entraînements

- **Rehazenter** (Natation, Entraînement général, Tennis de table, Bocce, Basketball, Football (en hiver), Préparation ski)
- **Coque** (Athlétisme)
- **RFCUL** (Football)
- **Colmarberg** (Natation)
- **Ettelbruck** (Laftreff, Entraînement général)
- **Reuler** (Entraînement général)
- **Erpeldange-Sûre** (Tennis)
- **Schieren** (Stockschiessen)

# Les plus



## ❑ Signatures Conventions avec FLA et FLTT

Mir hunn hei dat um Pabéier festgehal wat schons un
flotter Zesummenaarbeecht funktionnéiert huet.

## ❑ Honneurs aux sportifs dans les communes

Ëmmer méi Gemengen denken och un eis Sportler wann si eng Sportleréirung organiséieren. Mir haten allerdéngs och d'Gemengen ogeschriwwen, wou Sportler mat op d'Weltspiller waren.  Mee dat funktionnéiert och ganz spontan

## ❑ Logo SOL sur uniformes ou dans les stades

Mir hunn eng Aktioun gestart bei Sportsveräiner op si eise Logo net könnten op hir Uniformen maachen. Dat hat e flotten a fir eis och iwwerraschenden Succès. Dest get eis eng gewëss Visibilitéit. Am Basket ass eise Logo op den Trikoten vun den Musel Pikes, am Fussball vum Racin an der US Remeleng awer och den Damen vu Mamer, am Deschtennis och vu Mamer. Aner Veräiner hunn d'Optioun geholl fir ee Calicot opzehänken, wéi de Fussball zu Hueschtert, Rouspert, Steesel a wéi de Basketball zu Hesper an zu Walfer.

# Les récompenses

- Prix de l'Inclusion 2018 fir d'FLNS
- Bénévole sportif de l'année 2018 fir d'Romy Bertemes
- Médaille du mérite sportif fir d'Pascale Schmoetten




Merci un éischter Stell un d ‘Athleten déi eis emmer nees motivéieren virun ze goen, nei Saachen ze lancéieren, well mir gesinn dass dat iech Spaass mécht

Dann un d’Traineren well ouni déi giff et net goen, déi bénévol hir Zäit opferen

De Leit aus dem Comité fir hiren Asaz

Der Press, am Joer hu mir ganz flott Artikelen gehat a mir waren an alle Medien präsent mat de Weltspiller an der Konferenz awer och bei méi klengen Eventer

Merci un alleguer déi op irgendenger Aart a Wäis aktiv fir Special Olympics sinn

An dann zu gudder Lescht merci fir d’Nolauschteren

# Bilan financier
## 2018/19



Lieven Decroos

*Directeur des Finances*

Special Olympics
Luxembourg

# Partenaires Financiers

LOTERIE NATIONALE

Vodafone Foundation

ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte

www.confiance.lu
AGENCE IMMOBILIÈRE TOUSSAINT Abby
Tél: 32 81 73-1 • MERSCH

Your solution
www.yoursolution.lu

FONDATION ENOVOS
sous l'égide de la Fondation de Luxembourg

CMCM
Zanter 1956
Do, wann Dir eis braucht.

NOVUS RENOVATION

Deloitte.

Votre concessionnaire Volkswagen
**Garage Biver**
32 rue d'Erpeldange
L-9518 Weidingen
Tél.: 95 81 48, Fax: 95 78 77
www.garage-biver.lu
Volkswagen

NOVUS HOME DESIGN

fi
Fiduciaire interrégionale s.a.
fiduciaire comptable

# Partenaires Institutionnels

Ecole Privée Sainte-Anne
Lycée secondaire général
108 Grand-rue L-9051 ETTELBRUCK
Boîte postale 117 L-9002 ETTELBRUCK

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN

TEAM LËTZEBUERG

# Partenaires Sportifs

FC WILTZ 71

FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE FOOTBALL
FLF

Racing FC
Union Lëtzebuerg

FLA
Fédération Luxembourgeoise d'Athlétisme

FLTT

FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE BASKETBALL
FLBB

FLNS
Luxembourg

# Partenaires Abu Dhabi




QUBE®

ASPORT
> sports + performance <

G-art
sportswear designer

ArcelorMittal

armacell®
MAKING A DIFFERENCE
AROUND THE WORLD.

SOCIETE
GENERALE

AABBL
Association des Anciens
du Basketball
Luxembourgeois

AIRTECH
EUROPE Sarl

socom

M
Le bon objet au bon moment

RAK
PORCELAIN
• EUROPE •

# Budget 2018 – 2019



Mir waren ganz présent bei eisen Partner an hunn och weider mat eisen Auditeuren geschafft. Eng Approche, déi gutt ukomm ass bei eisen Partner, déi dat appréciéieren dat mir alles kontrolléieren loossen an alles transparent ass. Doduerch kréie mir och nei Partner wéi Vodafone, déi sech engagéieren op 3 joer fir eis ze ennerstëtzen. Fir eis ass et immens wichteg dass mir eng Planung maachen. Jidderengem deen sponsoren bréngt ee grousse Merci. Als Responsabel vun de Finanzen stinn ech ëmmer um Enn vun der Ketten. Ech appréciéiren all spontan Initiativ, et ass awer wichteg dass mir mat enger Stëmm schwëtzen, dofir ass et wichteg dass mir können gemeinsam Kontakter mat potentiellen Partner hunn. Dofir schwetzt mam Comité wann sech esou Kontakter erginn. Fir e besse méi Struktur an des Approche ze kréien, wäerte mir dat nächst Joer een Règlement interne präsentéieren.
Finanziell war 2019 ee ganz flott Joer. Op Grind vun de villen Doneen haaptsächlech fir Abu Dhabi hu mir amplaz vun enger geplangter Perte vu ronn 42000 Euroen elo eng Recette vu méi wéi 65000 Euroen.  Mir hunn d'Recommandatiounen vun eisen Auditeuren am Plan comptabel ëmgesat. D'Konten sinn kontrolléiert vun den Auditeuren.

## Réviseur de caisse: Guy Rosseljong

Mir sinn kee klenge Betrib méi, deen eng propper Comptabilitéit brauch. Dofir och de Kontroll duerch Grant Thornton. An eise Statuten stinn och 2 Reviseurs de caisse. Ech proposéieren des duerch een Reviseur d'entreprise ersetzen ze loossen. D'Konten sinn absolut an der Rei, do ass keng Remarque ze maachen. Et kann een nemmen félicitéieren fir des Aarbecht.

# Budget 2018 – 2019 ( en EURO)

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -274,200.00 € | Recettes | 231,700.00 € |
| MALI | -42,500.00 € | | |

# Bilan 2018 - 2019

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | 245,218.31 € | Recettes | 310,981.59 € |
| Résultat de l'exercice | 65,763.28 € | | |

| | |
|---|---|
| Soldes des comptes bancaires | 190,351.79 € |

| Chiffres-clé | Total | Dépenses | Recettes |
|---|---|---|---|
| Frais de gestion | -54,264.85 € | -54,264.85€ | |
| Activités extra-sportives | -6,417.30 € | -6,417.30€ | |
| Activités sportives | -19,683.36 € | -184,536.16€ | 164,852.80 € |
| Dons, Subsides, Cartes de Membres | 146,128.79 € | 0.00€ | 146,128.79 € |

Affectation des résultats :
L'excédant de l'exercice du montant de 65,763.28€ est reporté à l'exercice suivant

# Décharge au trésorier et au comité

Special Olympics Luxembourg

# Marc Feltgen



Mir hunn domadder d’Saison 2018/19 ofgeschloss.

De Comité huet nach ee Mandat fir ee Joer. Et kommen awer e puer Changementer op eis duer. Dir huet gesinn dass de Pierrot verschidden Funktiounen ofgett. Et ass schued, mee mir verstinn hien. E wäert awer sëcher als Consultant bei eng ganzer Rei vu Saachen derbäi bleiwen.  Och verschidde Projeten déi hinn an d’Liewen bruecht huet, wäert hin nach virubréngen. Mee mir mussen och un d’Zukunft dénken. Am Laf vum Joer hunn ech och als Responsabel vun den Bénévolen opgehalen. Dofir hu mir een Opruff gemaach, an do sinn vill Entwerte komm. Mir hunn effektiv an verschidden Sportaarten Leit font, intern an extern. All deenen ee grouse Merci. Mir hu ganz séier eng Kandidatur fir de Posten vum Sportsdirektor kruet, an de Comité huet d’Anne Wiance op dese Posten nominéiert. *(Applaus vun der AG).*

Mir sinn sëcher dass mir hei déi richteg Persoun font hunn. Fir d’Charge vum Responsabel fir d’Bénévole hu mir d’Kandidatur vum Mireille Majerus kruet. *(Applaus vun der AG).*
*(Lucie Badois melt sech an de Comité)*
Mir hunn och Kontakter mat enger Persoun déi um Posten vum Generalsekretär ass. Wann dat konkret geet, kooptéire mir deen an den Comité.

# Cotisations inchangées

Special Olympics
Luxembourg

# Calendrier 2019/2020

## Anne Wiance

Neien Sportsdirektor




Special Olympics Luxembourg

# Calendrier sportif + extra-sportif 2019 - 2020

| | |
|---|---|
| ➢ Décembre 2019: | Tournoi unifié Basketball à Munich<br>Tournoi unifié Football à Mondercange<br>Niklos-Party à Hoscheid |
| ➢ Januar 2020: | Basketball Day<br>Langlauftage zu Oberhof (D)<br>Snowshoeing @ Villars d'Ollon (CH) |
| ➢ Februar 2020: | CMCM Meeting<br>Wantersportkolonie zu Maurach (A) |
| ➢ Mäerz 2019: | Stickshooting zu Berchtesgaden (D)<br>Journée bénévoles |
| ➢ Abrëll 2020: | Young Athletes Day<br>Semi-Marathon zu Wooltz<br>Small Nations Football a Liechtenstein |

# Calendrier sportif + extra-sportif 2019 - 2020

- Mee 2020: NG Deschtennis
  ING Night Marathon
- Juni 2020: NG Athletics
- Juli 2020: NG Bocce
  Summerfest
- September 2020: Kö-Lauf à Düsseldorf (D)
- November 2020: NG Athletics indoor

- Exposition photos
- Schnupperdag Velo
- + Frëndschaftsmatcher am Fussball a Basketball
- + Stroosseleef
- + Préparatioun SOWWG 2021 a Schweden

# Budget
2019/20

Lieven Decroos



Special Olympics
Luxembourg

# Budget 2019 - 2020

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -156,150.00 € | Recettes | 129,500.00 € |
| Résultat estimé | -26,650.00 € | | |

| 2019-2020 | Total | Dépenses | Recettes |
|---|---|---|---|
| Frais de gestion | -52,950.00 € | -52,950.00 € | |
| Activités extra-sportives | -5,200.00 € | -5,200.00 € | |
| Activités sportives | -58,000.00 € | -97,500.00 € | 39,500.00 € |
| Dons, Subsides, Cartes de Membres | 89,500.00 € | -500.00 € | 90,000.00 € |

# REMISE DU
# PRIX DE L'INCLUSION
# 2019

Special Olympics
Luxembourg

# Prix de l'Inclusion 2019

EAST SIDE PIRATES
BERBUERG - WAASSERBËLLEG



# Pascale Schmoetten



Wa mir op den Ufank vu Special Olympics viru 50 Joer zréckkucken,
wa mir op den Ufank vu Special Olympics Lëtzebuerg viru 40 Joer zréckkucken,
wa mir bedenken, dass eis Federatioun deemols „ALPAPS –Sport mat Suergekanner“ geheescht huet,
wa mir d’Evolution an de leschte 50 resp. 40 Joer kucken,
dann ass d’Inklusioun am an duerch de Sport, an d’Inklusioun an der Gesellschaft, ee Meilesteen.

Dass mir dat Wuert Inklusioun awer nach ëmmer benotzen, resp. musse benotzen, heescht awer och, dass et nach laang keng Selbstverständlechkeet ass.

Et ass och kee Selbstläufer. Et muss duefir geschafft ginn. Wéi heescht et dach sou schéin: „Der Weg ist das Ziel“. Fir d’éischt muss ee mol op de Wee goen, an da Schrëtt fir Schrëtt kucken, dem Ziel méi no ze kommen, mam „Ziel“, d’Ziel um Enn ze erreechen.

Dir, léif Frënn vun den Eastside Pirates, hutt iech entscheed, op desem Wee mat eis ze goen.
Dir hutt 3 vun eise Sportler d’Méiglechkeet ginn, mat iech zesummen ze trainéieren.
Wat am Ufank just fir eng kuerz Zäit geplangt war, hutt dir spontan weidergefouert.
Dir huelt ee Sportler fir ee Sportler, ee Mënsch fir ee Mënsch, zesumme sidd dir een Team.

Mir wëssen op eisem „Wee zum Ziel“, ze schätzen, wa mir ëmmer méi Mënschen, Sportler an eben och ganz Ekippe begéinen, déi mat eis an déi selwescht Richtung ginn.

Viru puer Joer hu mir de Prix de Inclusion an d’Liewe geruff, a verginn den ëmmer am Virfeld vum Dag vun der Behënnerung un eng Ekipp, oder, oder, oder…. déi oder dee sech mat eis fir d’Inklusioun asetzt.

Dëst Joer hu mir eis fir d’Baskettball Ekipp Eastside Pirates entscheed.

Mir wëllen iech domat ee grousse Merci soen an dann och dëse klengen Trophee iwwerreechen.

# André Befort (East Sied Pirates)

Mir sinn eng Basketsekipp an do geet ëm Titelen a Matcher gewannen. Mee dee Präis hei ass fir mech a fir eis vill méi wert wéi iirgend een Titel. Et geet ëm de Mënsch an de Mënsch steet am Virdergronn. Am Ufank war eng gewess Sekpsis derbäi, haut si mir Kollegen. Dat ass fir mech immense wichteg. E Dat mecht mech ganz stolz Trainer vun esou enger Ekipp ze sinn. Mir giffen eis wënschen dass och aner Ekippen oder Sportaarten op dëse Wee giffen goen, an een oder deen anere Sportler ophuelen. Eis huet et op jiddenfalls immense vill bruecht.
Mir waren och frou iwwert déi Bronzemedaill déi zu Abu Dhabi gewonn ginn ass. Mir waren iwwer Messagen an Vidéon zu all Moment informéiert.



# ASSEMBLEE GENERALE

28 NOVEMBRE 2019

Merci aux entraîneurs

Discussion libre

Projection Vidéo SOWSG Abu Dhabi

Pot d'honneur

Special Olympics Luxembourg

## ❑ Merci aux entraîneurs

Un éischter Stell eng kleng Eierung fir den Ali Hoffmann deen 16 Joer als Athletevertrieder am Comité war.
All Trainer deen méi wéi 10 Präsenzen op Traininger huet kritt een Akafsbong als klenge Merci fir hire bénévolen Asaz.
De Pierrot iwwereecht dem Eike Schröder säi Bong fir déi beschte Präsenz um Laftreff an deelt säi Bong vum lëschte Joer un de Claude Scheckel an un d'Josette Lamers fir déi beschte Präsenzen an der Liichtathletik.

## ❑ Discussion libre

D'Jeanny Dom seet der Famill Theis-Milbert ee grousse Merci fir den Ukaf vun engem Roboter fir den Deschtennis.
De Frank Schintgen stellt d'Fro wisou ee bénévolen Traner vun der Trainerlëscht geholl gett. D'Présidentin si hätt direkt keng Entwert dorobber.
De Marc Feltgen seet dass hien de Comité am Abrëll forméiert huet, dass hien um Enn vun der Saison 2019/20, also am November 2020 als Directeur national ophellt.

## ❑ Pot d'honneur

## ❑ Projection Vidéo SOWSG Abu Dhabi